LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: JOME Laurent
Tel: 247 85510
Email: laurent.jome@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service centrale de Législation
43, boulevard Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
12 AOUT 2019

Luxembourg, le 12 août 2019

Réf. : 82dx63487

Concerne: Question parlementaire n° 847 du 1er juillet 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de Madame la Ministre de l'Intérieur et du soussigné à la question parlementaire n° 847 du 1er juillet 2019 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant la "Concession de pharmacie".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération distinguée.

Pour le Ministre de la Santé,

Laurent JOMÉ
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Gemeinsam Äntwert vum Här Gesondheetsminister an vun der Madame Inneminister op d'parlamentaresch Fro n° 847 vum 1. Juli 2019 vum Här Deputéierten Jeff Engelen

Wat fir eng Zort Apdiktesch-Konzessioune ginn et, a no wat fir engem Prinzip fonctionnéiert d'Vergab dovunner ? Op wat fir eng gesetzlech Basis gëtt sech dobäi beruff ?

Bei den ëffentlech zougänglechen Apdikten muss een tëschent de Staatskonzessiounen an de privaten Officinen ënnerscheeden. Déi privat Apdikten baséieren op der Ordonnance royale grand-ducale modifiée vum 12. Oktober 1841 N° 16, portant organisation du service médical.

Mam Gesetz vum 28. Februar 1905 "concernant le régime des pharamacies", sinn d'Staatskonzessiounen agefouert ginn, mee déi deemoleg privat Officine si bestoe bliwwen.

Säitdem gëtt all zousätzlech nei Apdikt, op Basis vum ofgeännerten Gesetz vum 4. Juli 1973 "concernant le régime de la pharmacie", als Staatskonzessioun verginn. Dozou ass nach ze präziséieren, dass all nei Apdikt eng Autorisatioun vun der Regierung brauch fir sech z'etabléieren. Fir déi Autorisatioun muss d'Regierung am Virfeld en Avis beim Collège médical a bei der Gemeng ufroen.

Wéi fonctionnéiert den Transfert vun enger Apdikt bannent a baussent de Gemengen am Land ?

Op Basis vum Artikel 8 vum "Règlement grand-ducal modifié du 27 mai 1997 relatif à l'octroi des concessions de pharmacie", muss den Transfert vun enger Staatskonzessioun an enger aner Lokalitéit vum Gesondheetsminister accordéiert ginn.